

WANDROUS

N°367 Krëschtmount 2017 / Haartmount / Spiirkel 2018

Dezember / Januar / Februar



Kënnt 5 mol pro Joër raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)

> resp. CheffenEkipp LBB

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ènnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konn feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Jack Wolfskin



Scarpa

CAMELBAK

Teva

TATONKA

THERMAREST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL

Shared Test Adventures

BOREAL

LOWE ALPINE

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

Lowe Alpine

HAGLOFS

nanowag

THE NORTH FACE

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!


Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Sortie „NaturMusée“ fir Beaver&Wöllef

**De Bagheera leed Ierch an,
séng Kaatzenfamill ronderëm Welt kennen ze
léieren ! D'Beaver an Wöllef maachen sëch
zesummen op de Wee an den Naturmusée am
Gronn fir déi nei Ausstellungen zesummen ze
entdecken!**

Komm mat op eis fantastësch Expédition!



Rendez-Vous: Samstes, den 9.12.2017 um 13:45 bei der Gëlle Fra an der Stadt

Retour: Samstes, den 9.12.2017 um 17:00 bei der Gëlle Fra an der Stadt

Präiss: 5 Euro sinn mat op den Rendez-vous matzebréngen

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 11.11.2017 !!!

Waat brauchs du sou:

Bierschong, dem Wieder ungepassten Kleeder, Bidon mat Waasser ...

Heimat erlaaben ech

méngem Beaver / Wöllefchen

den 09.12.2017 op d'Versammlung Naturmusée matzegoën.

Ënnerschrëft.....



Gruppen-KrëschtCamp fir Jiddereen

HÖRET, HÖRET!

D'Prinzessin vum schéine Land Mercia ass entfouert ginn !!!

De schwaarze Ritter huet hat op séng Buerg verschleppt !!! De Kinnek vu Mercia brauch elo är Höllef... well némmen sou frau Beaver, staark

Wöllef a gescheite Scouten/Explorern

do kennen do höllefen !!!



UFANK:

Fir Beaver & Wöllef
Fir Scouten & Explorer

Samstes, den 16.12.17 um 14:00 zu Suessem (18, rue du château L-4992 Sanem)
Samstes, den 16.12.17 um 9:00 op der Gare Centrale Luxembourg, an
tiptoper Uniform & Pic-Nic fir Mëttes.

SCHLUSS fir Jiddereen :

Méindes, den 18.12.2017 um 16:00 zu Suessem (Adress wèi Samstes)

PRÄISS:

45 Euro sinn bis den **08.12.2017** op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE LU83 0019
4955 9103 3000) ze iwwerweisen mat der Mention „GKC'17 + Numm vum Participant“

SOUCHE:

ass oofzeginn bis spéitstens den 01.12.2017 !!!

WAAT brauchs du alles:

Uniform&Foulard, Biergschong, déck Jacket, dem Wieder ungepassten
Kleeder&Ersatzkleeder, Schloofsaack, déck Jacket, Pyjama, Wäsch-
saachen, Täscheluut, gefällten Bidon, Gamelle/Becher/Kichenduch &
Carrymatt (némmen fir Scouten/Explorer)...



Heimat erlauben ech mëngem Kand



'en 16.-18/12/2017 mat op den GruppenKrëschtCamp matzegoën.

Datum & Ënnerschrëft:

SchlittschongSORTIE fir Beaver(BV)



Mir ginn Schlittschong fueren!

Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller an dofir gët ét héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also schnell un fir dat mir och mat DIR e puer Pirouetten dréinen kënnen.

Wèini: Den 13.Januar 2018 um 14:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier (42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

Retour: 17:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

Präiss: 2€ sinn mat op den Rendez-vous ze brèngen + 2,5€ fir d'Locatioun vun Schlittschong

Waat brauchs du: Passend Kleeder undoën !!!
(Hännschen,Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack !!!

BEAVERKLACK
Spitzky,Hawky,Keeo,TicTac,Grigri,Inia,Quagga,Foxi

Heimat erlaaben echmèngem
Beaver.....
den 13.Januar 2018 un der Schlittschong-Sortie deel ze
huelen.

.....
Ënnerschrëft



FNEL EX-Sportsdag: fir Explorer(EX)



**Léif Explorer, léif Exploreetten,
Paakt är Sportstäsch!
An dann geet ét lass
bei d'Kiewerlècken vun Stroossen...**



Et ass erëm esou wäit, den **Explorer Sportsdag** steet virun der Dier wou déi verschiedenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeesch an hier Kämpfernatur de ganzen Daag können énner Bewis stellen an a verschiedenen Sportaarten können moassen...



Wéini ? en 14.Januar 2018 vun 10h00 – 17h00



Wou ?

Am Centre Sportif zu Stroossen (déi genee Adress kritt all Explorer per E-mail)



Präiss ?

5 € ginn direkt op der Plaatz bezuelt
Iessen an Drénken ass am Préis dran.

Sonndes d **Net bezuelt = keen Iessen !!**



Stroosséner Kiewerlècken këmmeren sëch ém d'Mëttagiessen...

Umeldungen:

Mellt ärt Team (min. 6 Explorer) bis den 25/12/17 iwwert explorer@fnel.lu un, an iwwerleet Ierch och e flotten Numm fir ärt Team.

Waat muss dë matbréngéng ?

Sportkleeder, Turnschong, **Team T-Shirt** & Duschsaachen

SOUCHE



Heimat mellen ech mäin Explorer /
Explorelette fir den Explorer-
Sportsdag den 14.01.2018 gär un, deen vun der FNEL organiséiert gët
an ginn d'Souche bis spéidstens den 23.12.2017 oof!

Ënnerschrëft vum Responsablen:

Assemblée générale LBB fir jiddereen



Invitationun fir

Assemblée Générale 2018
vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie

Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen & Pappen), Frénn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons **Assemblée Générale** an! De richtege Moment fir eemol daat lescht Kalennerjoer en Revue passéieren ze loessen!

!!! NEI DËS JOËR !!!

D'Beaver, Wellef an Scouten préparèieren fir d'Elteren een 3 Gänge-Menü an invitéieren dës um lessen deelzehuelen.
Hei kënnen Sie hier Kachkënscht énner Beweis stellen an de Kachbadge maachen!

Wéini, wou & wisou ?

fir d'Kanner den 27.Januar 2018 um 14Auer.
Samstes Owes, den **27. Januar 2018** > pünktlech um **17.30 Auer** bei eis am HomeFNEL um Fetschenhaff um Cents.

Wéi all Joér fréén mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons och all Méi ginn, dës AG sou interessant ewéi méiglech ze gestalten.

DE PROGRAMM VUM OWEND

- 01) Begréissung an Usproch vum Här Präsident
- 02) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 03) Rapport vum Här Caissier
- 04) Viirstellung vum Budget 2017 - 2018
- 05) Rapport vun den Dammen an Hären Caissen-Revisoren
- 06) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joér 2017 - 18
- 07) Présentation vun der neier Identité Graphique vum Groupe Lions Bleus.
- 08) Approbation vun der Neier Identité Graphique vum Groupe Lions Bleus duerch d'Assemblée générale.
- 09) Rapport vun den Aktivitéiten vum Scoutsjoer 2017
- 10) Erneierung vum Conseil d'Administration fir d'Joér 2018
- 11) Verschidenes an Gemëschtes . . .

No der **Assemblée Générale** ass dann daat grousst lessen fir d'Elteren, Amicale an all Frénn vun den Lions Bleus offréiert vum Groupe.

Ech mellen Leit (ouni Memberen déi hëllefe kachen) fir d'lessen un an mäin Beaver / Wellefchen / Scout / Explorer un fir d'Kachaktivitéit (27.1.18), an ginn Souche oof bis den 20.1.18!!!

Datum&Ënnerschrëft

* All déi Aktif Memberen sinn gebieden an kompletter Wanteruniform ze kommen!

Steenzäit Weekend

fir Scouting (SG)



Steenzaït Weekend



Mir befannen eis ongreféier 700 000 Joér virum Christus, wou den Meschen nach ém d'Iwwerliewen kämpfen misst an nöt vun der Spëtzt vun der Nahrungsketten stoung. Iwwert den Weekend probéieren mir dem Takaar ze hellefen andeem mir hien dobäi énnerstëtzen déi wichtigst Entdeckung an der Geschicht vun der Mënschlheet ze maanu.



D'Entdeckung vum Feier!



Well hien ass vun séngem Staunnu ausgestouss grün an op Létzebuerg verdriwwen grün, wou en lo muß ganz alleng den Wanter iwwerstoën. An ouni Hëtzt vun engem klengen Lagerfeier wert hien den äisegen Wand vun Februar nöt iwwerliewen. Währendeems mer den Takaar énnerstëtzen, entdecken mir awer och vill spannend Saachen iwwert d'Welt an der Steenzäit.

Depart : Samschdes den 3. Februar 2018 um 10:00 op der Gare de Luxembourg
Retour : Sonndes den 4. Februar 2018 um 16:00 och op der Gare de Luxembourg

Praiss : 25 € sinn ze iwwerweisen bis spéitsdens den 6. Januar 2018 op den Compte:
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun "WK+Numm vum Scout"

Material : Schloofsaack & Carrymatt, Täscheluucht, Täschemesser, Gamell,
Kichenduch, dem Wieder ugepassten Kleeder, Bierschong,
Wäschsaachen, Pyjama ...

Souche : Ass bis den 6. Januar 2018 oofzegin.



Heimat erlaaben ech _____ mièngem Scout/Guide



dem _____ op den Steenzäit Weekend
vum 3. bis den 4. Februar 2018 matzegroen.

Datum&Énnerschrëft: _____

Sortie ,Vitarium‘ fir d’Wöllefcher (LX)

Léif Wöllef,

dëst Joër ginn mir den 10.Februar an de Vitarium zu Bissen !
Do kréien mir d`Luxlait Fabrik gewisen a kréien erkläert wou eis
Mëllech eigendlech hier kënnt ;)

Natierlech gët do nüt nëmmen geschwaat,
mee och geschmaacht :)

Mir hoffen dat dir Allegueren
dobäi sidd wann ma een Stéck
Lëtzebuerger Kultur besichen ginn...



Rendez-Vous: Samstes, den 10.02.18 um 09:45 beim Vitarium

(Luxlait Association Agricole Am Seif, L-7759 Roost / Bissen, Luxembourg)

Retour: Samstes, den 10.02.18 um 16:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg

Präiss: **6 Euro** sinn op den Rdv matzebréngen !!!

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 20.01.2018 !!!

Waat brauchs du: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon (gefellt mat Waasser) & **Pic-Nic** fir Mëttes ...

Heimat erlaaben ech

méngem Wöllefchen

den 10.02.2018 mat op d‘Sortie ,Vitarium‘ ze goën.

Ënnerschrëft

LUXLAIT

vitarium

Fuescamp ,Weltrees^t fir d'Beaver (BV)



No all de flotten Versammlungen iwwer all dei verschidden Länner an Kulturen huet sëch den Léo Léif décidèert eng Weltrees ze maachen an invitéiert all Beaver fir hien ze begleeden an d'Welt ze erkunden. Zesummen mat flotten Aktivitéiten, kulturellem lessen an ganz vill Spaß.

Wèini: 12.-14.02.2018

Rendez-vous:

Méindes um 10 Auer beim Home Lions Bleus

Retour:

Mëttwoches um 16 Auer beim Home Lions Bleus

Präiss: 40€, sinn ze iwwerweisen bis den **22.01.18** op den Konto Les Lions Bleus - Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der mention : Weltrees & Numm vum Kand

Material: Schloofsaack an Pijama, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Foulard, Täscheluucht, dem Wieder ungepassten Kleeder, Ersatzkleeder&Ënnerwäscht, Wäschsaachen, Gamelle&Kichenduch . . .



Heimat mellen ech mäin Kand


..... fir de Camp den 12.-14.2.18 un.

Datum..... Signature.....



Souche Techuana 2018

Techuana '18



„Der Berg ruft“

Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngeng, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

Wien kann mat goën: jiddereen deen bis den 01.09.2017 --> 14 Joër kruut !

Rendez-vous: Freidesowes, den **9.Februar 2018 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Zerëck: Sonndesmoies, den **18.Februar 2018 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Präiss: Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!

Daat heescht 365 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 185 Euros fir den Skipass bezuelen.

Am Kloertext elo:

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **365** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **550** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 27.01.2018 mat der Mention "Techuana 2018".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover“

Täschegeild: dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

Material: (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 6.Dezember 2017 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklësch.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2018 (9.-18.02.18) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft

SOUCHE - SOUCHE

BAACK-Aktiouun/SORTIE den 24.02.18...

fir SG/EX/RV

Grouss BAACK-Aktiouun'18 bei den bloën Léiwen



Ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN...
op aktiven Member, Amicale, Elteren, Famill,
Noperen oder Frënn....

an bestellt bei eis lecker Kichelcher,
fir dat mir genuch ze dinn kréien :)

kleng / grouss Tuut Kichelcher --> 3€ ou 5€
petit / grand sachet de biscuits --> 3€ ou 5€




BAACKSORTIE?

Wéini & wou? Samstes, den 24/02/2018 zu Bouneweg am Home
Start 9 Auer & Fin 18 Auer!

Waat brauchs du op der Sortie? Daat waat e SG, EX, RV sou brauch op enger Sortie.
Evtl Kachsiritech & vill Motivation :):)

Präiss? --> 8€, fir den Mëtteskascht & Co., sinn bis spéidstens den 03.Februar 2018 ze
iwwerweisen op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)
mat der Mentioun 'BaackSortie & Numm vum Participant'
Umeldung? per Souche, bis den 10.Februar 2013 bei déngem Chef.



FIRWAAT sou eng Baack-Aktiouun?

Dës ass geduecht fir zousätzlech d'Geld zesummen ze kréien, fir eisen
Summercamp SAIL '18 an Holland zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou können mir den Präiss vum Camp relativ déif haalen, an eis och nach e flotten Camp T-shirt dovunner leeschten...
Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selvergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

Heimat erlaaben ech _____ mengem(er) Hobbybäcker(eg) _____
un der grousser Baack-Sortie'18 den 24.Februar 2018 deelzehuelen

Ënnerschrëft

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---

Ech (Je) _____

bestellen gären (veux commander)



- ____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 3€
____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun 5€



Ënnerschrëft (signature) vum zukünftegen Kichelchersknabberer

--> Méng Kichelcher kann ech deen Samsteg tëschend 14-18Auer am Home oofhueulen kommen an bezuelen -->

Sortie „Piraten“

fir d'Beaver (BV)



De Leo Leiw huet eng Schatzkaart sonnt an sëch direkt op de Wee op d'Insel gemaach. Leider ass hien an en Strait mat sénger Piratencrew komm an d'Kaart ass elo an Stécker zerrappt ginn. All Mitglied huet sëch dann alleng op d'Sich nom Schatz gemaach. Den Leo Leiw brauch elo d'Helléf vun tapferen Beaver Piraten fir all d'Stécker vun der Kaart zesummen ze bréngen an de Schatz ze fannen.

Wéini: Samsdes
10.03.2018 vun 14 bis 20 Auer.

Wou: Home Lions Bleus

Präiss: 5 €

Unmeldung per Souche:
oofzeginn bis den 17.02.2018

Material:
Klenge Rucksack, Bidon mat Waasser...



Heimat mellen ech mäin Kand
..... fir Piraten Sortie den 10.03.2018 un.



Datum..... Signature.....




Wappen

Kenns
du Staat
Lëtzebuerg...■

RV ass émmer bei der Haaptentrée
vum Parking Glacis

Start_ 9:30 Auer / Fin_16:15 Auer

Staat-Spill 2018



JO du lies RICHTEG,
dëch erwaarden Biller, interess-
ant Froën, vill Spiller & Präisser
... ■

10. März 2018

Dapp and the City

D'Scoutsekipp invitíiert iech häerzlech op den Explo 2018 an der Metropol Lux-City! Dëst Joer maache mir e klénge Citytrip duerch eis wonnerschéin a geschichtsträchteg Haaptstad a mir entdecken heibäi e puer schéin Ecker déi net an engem Touristebiichelche stinn.

Präiss:

Gratis > soulaangs du dëch zur Zäit unmells bis den 20.01.18 !!!

Material:

Pick-nick, Bidon gefällt mat Waasser, K-Way, eppes fir op de Kapp, Uniform & Foulard...

Sortie „Misärshaff“ fir d’Wöllefcher (LX)

Zesumme mat **DIR**, maachen mir eis op de laangen Wee op den Misärshaff, fir do verschidden flott an eenzegaarteg Aktivitéiten ze maachen déis du esou nach nüt gesinn hues !

An mir schwätzen nüt vun Trëppelen, Piste-Postes oder Gänsespill, mir mengen domadder sou Saachen wéi een Vulkan bastelen oder Déieren am Waasser sammele goën !



misaershaff 
centre de formation jeunes

Rendez-Vous: Samstes, den 07.04.18 (dái genee Auerzäit & Plaatz vum RV kritt dir nach gesoot)
Retour: Samstes, den 07.04.18 (dái genee Auerzäit & Plaatz vum RV kritt dir nach gesoot)

Präiss: /

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 17.03.2018 !!!

Waat brauchs du: dem Wieder ungepassten Kleeder, Biergschong/Stiwwelen, evtl. eng Reenbox, Bidon(gefellt),
Pic-Nic fir Mëttes,
an fir ze bastelen > 0.5 l PET Fläsch (eidel)



Heimat erlaaben ech
ménagem Wöllefchen
mat den 7.Abrëll 2018 op d'Sortie op den Misärshaff ze goën.

Ënnerschrëft:

Souche Summercamp

fir SG, EX, RO...



Sail'18



Mam Segelboot an d'Issel & Wattenmier fueren zesummen mat den Mamer Wiselen!

D'Plaatzen sinn all voll anmir fueren am Ganzen zu 70 Scouten op den SummerCamp ;)

Wou & fir wien?

Wattenmier & Ijsselmier an Holland fir all aktiven bloën Léiw, dien séch daat zoutraut!!!
->**ab Scoutsalter:**)

Weini?

Freides 20.07.2018 - Sonndes 29.07.2018

Start & Retour?


sinn émmer zu Mamer am Kinnèksbond
(Détailier kommen no)
FR 20.7.18 > RV moies +/- 10-11Auer
SO 29.7.18 > RV owes +/- 18-19Auer

Präiss?

-> 500€
am Präiss anbegräff ass ausserdem e Camp T-shirt, Foulard &B Badge...

Paiements?

ugemellt sidd der erëischt, wann d'Souche & Acompte 1 ukomm sinn!!!
Acompte 1 = 200€ (non remboursable)
>>> wor bis den 24/10/17 ze bezuelen
Acompte 2 = 200€ bis 31/01/2018
Acompte 3 = 100€ bis 30/04/2018
op den Compte: Les Lions Bleus-Rover
(BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)



Weider News?

Elterenversammlung ass den 18/04/2018 um 19Auer am Home vun den Mamer Wiselen!
->>> obligorësch fir JIDDEREEN deen matgeet!

Hei kritt Dir weider Détailier zum Ooflaaf & Programm um Camp, kritt den Staff fiirstellt, kritt Mapp mat den Pabeieren & Apaacklëscht...

Dir hudd nach eng Fro: dann verlèiert keng Zäit an maacht e mail op :
cq@lionsbleus.lu oder [rufft dem Atra / Tamia einfach un.](#)

Léiwefest'2018

fir Jiddereen...

CIRCUS

BLOË BEIM LÉIW



SAVE THE DATE

SAMSDEN, DEN 14 JULI 2018



Programm Beaver

BV - Programm

Dezember

- | | |
|---------|--------------------------------------|
| 01. | KLEESCHEN |
| 02. | keng Versammlung (LBB Rover-Weekend) |
| 09. | SORTIE „NaturMusée“ mat den LX |
| 16.-18. | GRUPPEN-KRËSCHT-CAMP |
| 23. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 30. | keng Versammlung (Vakanz) |



Januar

- | | | |
|-----|--|-------------|
| 06. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | SCHLITTSCHONG-SORTIE | |
| 20. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 27. | BeaverVersammlung
am Home FNEL um Fetschenhaff (Cents)
an dono ASSEMBLEE GENERALE LBB... | 14:00-17:00 |

Februar

- | | | |
|---------|---------------------------|-------------|
| 03. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 10.+17. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 12.-14. | FUESCAMP | |
| 24. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |

März

- | | | |
|-----|---------------------------|-------------|
| 03. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 10. | SORTIE | |
| 17. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 24. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 31. | keng Versammlung (Vakanz) | |



Beaverklack

Spitzky, Hawky, Keeo, TicTac, Inia, Quagga, GriGri, Foxi

Programm Wöllef

LX - Programm

DEZEMBER

01.	KLEESCHEN
02.	keng Versammlung
09.	SORTIE ‚Naturmusée‘ mat den BV
16.-18.	GRUPPEN-KRËSCHTCAMP



JANUAR

06.	Versammlung	14:00-16:00
13.	Versammlung	14:00-16:00
20.	Versammlung	14:00-16:00
27.	Versammlung	14:00-17:00
am Home FNEL um Fetschenhaff (Cents)		
an dono ass Assemblée générale		



FEBRUAR

03.	Versammlung	14:00-16:00
10.	SORTIE ‚Vitarium‘	
24.	Versammlung	14:00-16:00

MÄRZ

03.	Versammlung	14:00-16:00
10.	Versammlung	14:00-16:00
17.	Versammlung	14:00-16:00
24.	Versammlung	14:00-16:00

ABRËLL

07.	SORTIE ‚Misärshaff‘	
21.-22.	FNEL SIXPLO	
28.	Versammlung	14:00-16:00



Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

Programm Scouting SG - Programm



DEZEMBER

- 01. KLEESCHEN
- 02. keng Versammlung (RO-Weekend)
- 09. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 16.-18. GRUPPEN-KRËSCHT-CAMP
- 23.+30. keng Versammlung (Vakanz)



JANUAR

- 06. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 13. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 20. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 27. Patrullenversammlung 14:00-17:00
am Home FNEL um Fetschenhaff (Cents)
an dono ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB ...

FEBRUAR

- 03.-04. WEEKEND
- 10.+17. keng Versammlung (Vakanz)
- 09.-18. TECHUANA'18 (ab 14 Joërl!!!)
- 24. Grouss BAACK-AKTION fir de Sail'18

MÄRZ

- 03. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 10. FNEL Explor
- 17. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 24. Patrullenversammlung 14:00-16:00



Programm RovEx

RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joér ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt.

Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

DEZEMBER 2017:

- 01. Kleeschen
- 2-3. Roverweekend
- 10. RovEx-Kreschtmaarttour 2017
- 16-18. Gruppecamp Home LBB

JANUAR 2018:

- 06. RovEx Meeting
- 14. FNEL EX-Sportsdaag
- 20. RovEx Meeting
- 27. AG LBB am Home FNEL (Fetschenhaff-Cents)

FEBRUAR 2018:

- 09.-18. Techuana
- 24. Grouss BaackAktion fir den Sail'18
- 24. FNEL RO-Quiz

DIVERS:

- 04.-06.05. RO-Camp fir 100Joér
- 25.-27.05. FormationsCamp > Max

More to come...

Lenks TAP,
Aer RovEx Cheffen



RAPPORT Montée

Groupe



Mir sinn beim Home ukomm, an dunn missten mer an den Carré. Ech war nach an den den Wöllefcher, also sinn ech nüt wei déi aal Scouten een Stadtspill maachen gaangen. Ech sinn mat deenen aaneren Wöllefcher d'Montée fir déi grouss Beaver préparéieren gaangen an wor sou och nach bei hierer Montée mat dobai. No der Wöllefchers Montée sinn mir erëm zeréck an Home gaangen, wou mir Spiller gespiltt hunn, dèi kleng Beaver sinn dono heem gaangen. Als Owesessen sinn ét gudd Spaghetti'en mat Bolognesesauce ginn wie all Joér op der Montée. Nom lessen sinn d'Scouten an den Bësch gaangen an mir hun nach eis Saachen gespultt ier mir dann och no enger Zäit eis prett maachen duerften fir an den Bësch. Mir sinn dun een Stèck nach all zesummen gaangen an der Meute an wou mer ukomm worn, duerften déi zukünfteg Scouten séch vun deenen aaneren Wöllefcher verabschieden an dunn sinn Wöllefcher erëm zeréck an d'Home gaangen. Méi kann een vun der Montée nüt soën, well daat ass geheim. Den nächsten Daag, hunn mir direkt moies Frühsport gemaach. Herno hunn mir Kaffi gedronk, geraumt, gegrillt & giess an dunn war Montée och schon séier färdeg. :) **Clarisse**



Mëttes um 14h00 hunn mer eis Allegerten beim Home getraff. Mir hun e Carré gemaach, an mir d'Scouten sinn dono an d'Staat geträppelt wou mer eng Aart Rallye gemaach hun. Bei dësem hun mer missen Photoen maachen op verschiddenen Plaatzen maachen an dono eisen Cheffen schècken an eben och bei verschidden Lëit Ênnerschrëften froën/sammelen, daat wor den Challenge... Wèi mer dëst dun Alles gemeet haaten sinn mer mam Bus zeréck bei den Home gefuer fir zur Zäit fir Owesessen nees dozesinn. Mir sinn also nees am Home ukomm an schon gouf ét z'lessen. Nom lessen goufen schnell Chargen gemaach an dono hun mer eis op den Wee gemaach fir eis ze préparéieren fir Montée an fir dèi nei Scouten opzehuelen. No deem offiziellen Deel vun der Montée sinn mer dun all zesummen heem an den Home geträppelt wou mer nach bëssi GBS haaten an awer dun och gläich schloofen gaangen sinn. Deen nächsten Daag sinn mer opgestaanen, hun e klengen Frühsport mat den Wöllef gemeet an hun dono Kaffi gedronk. No den Chargen sinn Wöllef eraus Programm maachen gaangen an mir d'Scouten goufen an eis nei Patrullen opgedeelt an konnten eis dun eben schon een Numm iwverleen an wèi & wat mer dës Joér sou wëllen maan. Kuerz virun 12 gouf Feier ungefaangen, gegrillt, giess nach bëssi gespiltt an schon wor Montée fir dës Joér färdeg. Zum Schluss gouf nach eng Chaine des adieux gemaach an dono sinn mer all gudd midd heem gaangen :) **LIO**



RAPPORT HalloweenWeekend Wöllef



Geint 9 auer Moies hu mir eis op der Gare getraff. Dunn hu mir de Bus op Beggen geholl, wou mer missten no Ziedelen sichen, wou d'lessaachen dropstounges fir eis Party owes. Dës Ziedelen haaten d'Fliedermais leider faalen gelooss wéinst dem schlechten Wieder. Wéi mer dëi Ziedelen erëmfont hun an an d'Zauberbreifboite geheit hun, sinn mir bei d'Home geträppelt. Do hu mir eis am Dortoir installéiert an si raus spinnen gaangen. Mëttes gouf ét e gudden Nuddelsgratin z'iessen. Duerno hu mir aus Äppel Schrumpfköpfe gebastelt. Dunn hu mer eis an 3 opgedeelt, an Atelieren gemaat. Mir hu Geeschter gebastelt, e gruseléchen Kürbis geschnitzt, an jiddereen huet Spannekichelcher gebaack. Wéi mer domat färdeg wornen, gouf ét och schon baal Owesiessen. Jidferen konnt séch sain Croque-Monsieur zesummestellen. Wéi alles gebotzt wor, hun d'Cheffen nach cool Partysnacks virbereet, währenddeems d'Wellëf séch verkleed hun an och nach geschminkt goufen. Endlech ass d'Party ugaangen. Nierwend den

Snacks hu mer e puer flott Spiller gemaat mat Musik, mat enger Hexennues, Taascht an Vampirspill. Midd an zefridden si mer dunn an d'Bett gaangen.

Deen nächsten Mueren worn mer all scho rëm fréi op an sinn mol mat engem Pyjamaspill waakrech ginn. Duerno gouf ét Schmieren a Schoki. Noom Moiesiessen, hu mer all eis Rucksäck zesummengepaackt. Dunn hu mer Allegueren gehollef mat Kachen, jiddferen huet Geméis geschnidden fir eis gudd Kürbiszopp, déi ét Mëttes och z'iessen gouf. No den Chargen, hu mir dobaussen nach en Draiecksspill gemaat mat Hexen, Vampiren a Geeschter. Als Ofschloss konnt jiddferen soen waat ém gefall huet a waat manner, an konnt du séng Kichelcher an een Aapel iessen. **Kaa**



RAPPORT Sortie 'Minions'

Wöllef

Wöllefcherssortie "Minions"

Mir hun eis allegur Moies um 10 auer getraff. Als éischt hun mir eng Verkledung gebraucht fir den Minions ze hëllefen den Gru ze befreien. Mir sollen Lösegeld (Kamellen) sammelen, daat den Wiechter vum Gru kréie sollt. Dofir hun mir eis eng Verkledung gebastelt. Dunn sin mir an den Bësch gaangen an sin den gielen Bennercher nogaangen. Ennerwee hun mir gesongen. An mir missten Kniest beim Kaa an beim Rakscha machen. Fir d'Kniest krute mer Lösegeld. Duerno sin mir weider den gielen Bennercher nogangen an hun Ninja gespillt. Den Bagheera hu mer getraff, wou d'Minions Bananen an Äppel verluer hun. Mir hun se gesicht; si waren op der Schaukel, hannert Beem, oder si lungen am Graass. Wi mir se allegur fond haten, sin mir mat dem schwéieren Kuerf an d'Home (LBB) zereckgaangen. Och dofir gouf et Lösegeld. Am Home hun mir d'Banannen an d'Äppel geschnidden a gewäsch. Bis d'lessen färdeg war, hun mir Mörder gespillt. Dun hu mir giess; et gouf Poulet matt Geméis. Als Dessert krute mer Bananen an Äppel matt Schokela. Mir hun ganz laang giess. Duerno si mir mamm Schokelasdéppen d'Scouten lackele gaang. Irgenddwéini war d'Déppen eidel an et war bis op di lässt Drëps mamm Fanger gebotzt. Mi sin erausgaangen an hun Spiller gespillt, mais dun gouf et lues a lues 4 Auer an mir kruten wëll et e bësse vill Lösegeld war e bësse Lösegeld mat heem.

Mir huet d'Sortie ganz gudd gefall. **Amélie**



Trotz dem schlechtem wieder hunn sech leschte Samschden Moien em dei 20 Wöllefcher virum Home getraff. Sie Woren do fir eng ganz speziell Aufgab ze léisen. Tatsächlech gouf de Gru, de chef vun de minions gefaangen. Eis Wöllef goufen dohier gefrot e puer Aufgaben ze léisen fir dass de Gru erëm frei kennt. Fir d'eicht hunn sech missen d'Wöllef passend verkleeden fir dass sie wei e minion ausgesinn. Dunn sin sie op de wee gaangen. Vir d'eicht hunn sie zwee minions fonnt, dei hinen weisen wollten wei een e Feind am beschten fesselen soll, erëm fonnt an konnten dann e groussen deel dovunner halen. D' Kanner Woren do schonn all hongereg an dofir e schnell am Home gaangen vir do eppes iessen ze kennen. Am Home huet schonn gegrillte pulet op sie gewaart mat guddem geméiss an schmieren, d' Kanner haten sech schonn voll giess an dunn ass den Dessert komm. D' Wöllefcher kruten hiert Uebst zeréck an konnten et an klengen Stecker Schneiden. Dozou gouf et waarmen Schockela. D' Kanner hunn sech eng Freet gemaach deen ganz eidel iessen. Nom gudden Dessert hunn d' Wöllef mat ofgeraumt an dann ass et erëm raus gaangen. No e puer Spiller woren et schonn 16h00 an no enger chaine des adieu sinn d' Kanner all houfreg heem gaangen. **BALOO**



Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

Starter-Pack_Lions Bleus

De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover



Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelpräiss

12 €

TOTAL

~~65 €~~

55 €



Aaner Produkt'en am LBB-

Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €



> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **09/12/17, 06/01/18, 03/02/18...**

Dem LEO LEIF séng Säit

Leo Léiw


Moien dir Blo Léiwen!

Den Kleeschen ass lo laanscht bei eis,
an gläich steet Krëschtdaag virun der Dier wou
d'Familien nees all zesummen kommen fir eng
besënnlech Zäit mateneen ze verbrëngen, dofir
also hei nees eng Klengegkeet fir lerch...



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:

61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer**
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanzan!!!

ALLGEMENG Datumer:

- 14/12/2017 Prost'it
- 13-14/01/2018 Tronc commun (3/3)
- 14/01/2018 EX Sportsdaag
- 03-04/02/2018 Bosses et Bobos (1/2)
- 08/02/2018 Réunion semestrielle
- 24/02/2018 RO-Quiz
- 28/02/2018 CoGro
- 03-04/03/2018 Bosses et Bobos (2/2)
- 10/03/2018 SG Explorers
- 24-25/03/2018 SG/EX FormationsWeekend

- 03-06/04/2018 EX Camp
- 07-10/04/2018 Cp's FormationsCamp
- 21-22/04/2018 Natur-Games um Misärshaff
- 21-22/04/2018 LX Sixplo
- 25/04/2018 CoGro
- 04-06/05/2018 RO 100Joër Camp
- 05-06/05/2018 EX Raid
- 12/08/2018 BV Funday
- 08/07/2018 Pow-Wow bei den KS

et schéngt

et schéngt

- 01) wèi wann d'Organisèiren vun engem nächsten Segelcamp dësen Summer vollen Unklang fonnt hätt.
- 02) wèi wann eisen Ex-GruppenBier & BeaverStrauss (Kodiak&Nandu) an punkto Nowuëss dobai worn.
- 03) dat mer um traditionellen Schaff-Week zu souvill worn 9 dat mer eis gèigensäiteg an Fèiss gelaaf sinn.
- 04) dat eisen klengen Max elo e groussen Max wier an hien och elo stolzen Besëtzer vum Führerschäin wier.
- 05) wèi wann eis Beavercheffen e ganz flotten&interessanten FormationsCamp haaten am Thema Märecher.
- 06) dat op der Scouts&Explorercheffenformation irgendwèi een Phenomène herrscht deen sèch widderhëllt.
- 07) wèi wann eisen MiniBeaver Thyco keng Chance haat beim Spillen an säin Ueweschenkel gebrach wor.
- 08) wèi wann um Weekend vum Jota-Joti totemiséiert gouf an mir lo 2 nei Memberen an eisem Clan hun.
- 09) dat eis Préparatiounen fir den dësjähregen Summercamp dem SAIL op Hëisichtouren laafen.
- 10) dat den Max mat sèngem Panzer :) nüt vill Chance haat an baal iwwer een aaneren Auto gefuer ass.
- 11) dat den Vampir Bagheera um Halloweenweekend Schwieregkeiten haat mat sèngem schaarfen Gebëss.
- 12) wèi wann d'Wellefcher um Halloweenweekend genuch Kürbissen ausgehöhlt goufen.
- 13) dat sou Minions nüt Waasserschei wieren an Sie sèch duerch nix Stëmmung mies maachen gelooss hun.
- 14) wèi wann nach èmmer Fiche médicalen feelen vun puer Lèit trotz den villen Rappeler...
- 15) dat d'Wellefcher beim Kleeschen bei hieren Oprëtter ganz geféierlech Sketcher fiirgedroën haaten.
- 16) wèi wann den Kleeschen dës Joër nach bëssi traumatiséiert wor wou hien bei eis ukommen ass.
- 17) dat vill Lions Bleus vum Kleeschen/Housècker eng Rudd krutt hätten wann dës op Uniform gepocht hätt.
- 18) wèi wann dëi blo Lèiwen an groussen Unzuel koumen fir den grousszügen Beschof(Kleeschen) ze gesinn
- 19) dat zwee Cheffen vun eis Undercover ènnerwee worn op der Diplomiwwerreechung vum SNJ.
- 20) wèi wann Lions Bleus sèch fir hier dësjähreg Assemblée générale eng nei anfaalen gelooss hätten

et schéngt nüt némme

et schéngt nüt némme

- 01) dat d'Segelbooter mat 70Plaatzen och schon all voll wieren an d'Waardelëschten gudd geféllt wieren.
- 02) dat Sie e klengt VIO kruut, mir hat härzläch Wëllkomm heesch an ét èmmer gär am Grupp ophuelen.
- 03) wèi wann dofir awer excellent&vill geschafft gouf an well eng elektrësch Leinwand am gr.Sall hänken gëif.
- 04) wèi wann ét awer nüt esou einfach wier mat der Orientation a schon Ëmweer duerch Staat gefuer goufen.
- 05) dat eis Beaver sou och eppes dovun haaten als Gäscht, an eng schéin Zaït mam Schneewitchen haaten.
- 06) wèi wann och dës Joër nees eidel Patrullkëschten mat op den Misärshaff gefuer sinn trotz Prép.Soirée...
- 07) dat mir him am Numm vun den Beaver an awer och vun den Cheffen eng gudd Genesung wënschen.
- 08) dat ét ab elo keen Lena & Nora mèi bei den Lions Bleus gët mee > Inia hésitante & Quagga comfortable.
- 09) wèi wann mir entscheid hätten nees eng grouss BaackAktion ze maan fir bëssi Geld dobai ze steieren.
- 10) wèi wann säin Auto esou hèisch ass dat hien huet misse erauskammen fir ze kucken wien virun him wor.
- 11) wèi wann hien anscheinend nüt richteg schwätzen konnt heimadden an zeguer huet missen sabbelen.
- 12) dat nüt némme bei den Geeschter mee leider och bei hinnen eng panesch Kürbis-Fobie ausgelèist hätt.
- 13) dat daat schlecht Wieder iwwerbrëckt gouf an Minions dono mat enger Schokofondu verwinnt goufen.
- 14) dat daat schon liicht traureg ass, well dëst ass obligatorësch laut Gesetz an Cheffen sin sou informéiert.
- 15) wèi wann Sie Spezialutensilien gebraucht hun fir ènnertenaaner ze kommunizéieren mam Talky Walky.
- 16) dat hien d'Turbulenzen an der Loft schwéier verkraft haat an am Home nach baal sèng Kaap verluer haat
- 17) wèi wann mer jo awer een Shop hätten wou een alles ze kaafen kritt, vum Foulard bis zum Pullover.
- 18) dat mer dës Joër èm dëi 80 Lèit worn an mer nächst Joër mat èm dëi 100 Lèit rechnen werden.
- 19) wèi wann Sie trotz gudden Tarnung (k.Uniform&Foulard) op der Gruppenphoto ertappt ginn sinn.
- 20) wèi wann d'Kanner och hieren Deel dozou baidroën an fir dono fir Verpfelzung suergen...

les amis des Lions Bleus

amis LBB

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne, Elvinger Marc ...


3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

dezember'17		januar'18		februar'18	
Fr 1	LBB Kleeschen	Me 1		Do 1	
Sa 2	keng Versammlungen RO-Weekend	Dé 2		Fr 2	
So 3	RO-Weekend	Me 3	Permanence	Sa 3	Beaver/Wellef SG Weekend
Me 4		Do 4		So 4	SG Weekend
Dé 5		Fr 5		Me 5	
Më 6	COGRA	Sa 6	Beaver/Wellef/Troupe	Dé 6	
Do 7		Sö 7		Më 7	Permanence
Fr 8		Me 8		Do 8	
Sa 9	Patrull BV/LX Sortie	Dé 9		Fr 9	Techuana > Start owes
So 10	RovEx K-MaartTour	Me 10	COGRA	Sa 10	LX Sortie Techuana
Me 11		Do 11		So 11	Techuana
Dé 12		Fr 12		Me 12	Techuana BV Camp
Më 13	Permanence	Sa 13	Wellef/Patrull BV Sortie	Dé 13	Techuana BV Camp
Do 14	Comité	Sö 14	FNEL EX SportsDaag	Më 14	Techuana BV Camp
Fr 15		Me 15		Do 15	Techuana
Sa 16	GruppenKrëschtCamp	Dé 16		Fr 16	Techuana
So 17	GruppenKrëschtCamp	Me 17	Permanence	Sa 17	Techuana
Me 18	GruppenKrëschtCamp	Do 18	Comité	So 18	Techuana
Dé 19		Fr 19	Wandrouseinsendeschluss	Me 19	
Më 20		Sa 20	Beaver/Wellef/Troupe	Dé 20	
Do 21		Sö 21		Me 21	COGRA
Fr 22		Me 22		Do 22	Comité
Sa 23		Dé 23		Fr 23	
So 24		Me 24	Permanence	Sa 24	Beaver/Wellef Grouss LBB - BaackAktion FNEL RO-Quiz
Me 25		Do 25		So 25	
Dé 26		Fr 26	Wandrousredaktionsschluss	Me 26	
Më 27		Sa 27	Beaver/Wellef/Patrull AG LBB	Dé 27	
Do 28		So 28		Me 28	Permanence
Fr 29		Me 29			
Sa 30		Dé 30			
So 31		Me 31	Permanence		

Allerlässt Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



Wuff wuff, Miau miau, Ia ia ia,
wien heißt mächt mat Heem? Ech
sinn dach esou lèif an sèiss ;)

* THAT'S ALL FOLKS